- Karten : © origine Administration du Cadastre et de la Topographie,
 - Merci un den Här Felten an den Här Peltzer

Text a Fotoen : Claude Schiltz



Sportskommissioun

Plan de relance Sport an der Gemeng Noumer Vum „HIIT @the street“ zu de fonkel neien Sportspots zu Noumer, Cruchten a Schrondweiler

Den 9. Mee 2019, souzen 3 Pappen beim Patt an hunn déi éischte Kéier zu Lëtzebuerg den Europa Dag gefeiert. Si hunn sech no enger Zäitchen op hire Bauch gekuckt a waren net zefridden mat deem wat hiert An do gebueden kritt huet.

„Et muss eppes geschéien“, waren déi 3 Europäer sech eens!

„Mee, wat?“ Dat war déi grouss Fro...

Ee 4. Papp, deen sech beim Gespréich eng Grëtz méi zrëckgehalen huet, huet deenen 3 selwer deklarierten Grillmasteren, dunn ee Stéchwuert op den eidelen Teller geheit: „Bewegung!“ Dat ass d' Léisung! „Reegelméisseg Übungen mam eegenen Kierpergewicht. Do misst dach eppes ze maachen sinn?! Et kascht net vill Zäit, et kann een et virun senger eegener Hausdier maachen, bei all Wierder, ouni mussen ee Babysitter ze organiséieren, an Abonnementer a Fitnesszentere sinn och iwwerflësseg.“ D' Iddi vum „HIIT@the street“ war gebuer.



HIIT ass eng englesch Ofkierzung fir **High Intensity Intervall Training**. Ënnert deem Begrëff versteet een eng alldaagsrelevant a sportartiwewergräifend Form vun Training. Komplex Bewegungsoofleef déi méi Gelenk- a Muskelgruppen gläichzäiteg beusprochen. Déi awer all Mensch mat e wéineg Gedold, minimalem Zäitopwand a reegelméisseg Übung duerchféieren kann. D' Form vum héich intensiven Intervalltraining besteet aus kardiovaskulären Exercicer. Een Intervall ass opgedeelt op Belaastungsperioden mat den dozou passenden Erhuelungsphasen. All dës Exercicer ginn

mam eegenen Kierpergewicht ausgefouert a reduzéiert sou maassgeblech d' Verletzungsgeforen. D' Trainingsunitéiten sollen dobäi net méi wéi 20-30 Minutten daueren.

An der Rehsemsswiss zu Schrondweiler hunn sech dunn, am Juni 2019, eng handvoll motivéiert, Fraen a Männer, Jonker an Aler, sportlecher a manner sportlecher, Kanner, Jugendlecher an Erwuessener regelméisseg Rendezvous an der Strooss ginn fir zesummen Sport ze maachen. Et war ee Genoss an de Grupp ass ëmmer méi grouss ginn.

Bis den 15. März 2020 hunn mir ronn 125 Trainingsunitéiten duerchgezunn. An anere Wierder, hu mer an där Periode quasi all 2. Dag trainéiert. Wat eng fantastesch Leeschtung! Net nëmmen um sportlechen Plang huet et eis eppes bruecht, ma mir hunn eis all vill besser kenne geléiert. Ee schéint Nieweprodukt vun eisen Workouts.

Leider huet Covid-19 eis dunn ee Stréch duerch d 'Rechnung gemaach. Mir hu missen am Fréijoer 2020 op Video-Training ëmklammen.

Ufanks war d 'Motivatioun nach grouss, mee leider ersetzt een digitalen Training d 'sportlech Aktivitéiten virun der Dir nëmme bedenkt.

Lues a lues ass den „HIIT@the street“ am Sand verlaf. Einzelner hunn sech alleng doheem duerch divers Übungen gekämpft. Einfach war dat allerdéngs net.

D 'Majoritéit vun de Leit aus eiser Gemeng haten während dem Confinement keen Accès op Sport Strukturen oder Ähnlech. Eng Situatioun déi schlecht fir Al a Jonk ass. Am Kader vum Déconfinement huet d 'Regierung dunn décidéiert de Sport ze revaloriséieren an allen Hisiichten. Hëllef fir de Lizenz Sport, finanziell Sprëtzen fir d 'Klipp, strukturell Verännerungen am COSL, Sensibilisatiounscampagnen, Kompensatiounsofferen wéinst dem Wegfalen vum Schoulsport, etc., sollen de Responsabelen vun de sportlechen Aktivitéiten ënnert d'Ärm gräifen



An dem Kontext huet d 'Sport- a Jugendkommissioun sech Gedanke gemaach, wéi ee sech an der Gemeng Noumer un dësem Plang bedeelegen kann:

Op 3 verschidden Plaatzen an eiser Gemeng sollen Outdoor-Fitness-Geräter opgeriicht ginn. Dës Outdoor-Fitness-Spots géingen dozou déngen de Bierger vun eiser Gemeng op 3 verschidden Plaatzen d 'Méiglechkeet ze ginn ee "funktionellen, héich intensiven Intervalltraining" maachen ze kënnen ouni vill privat Material.

De Virdeel vun fräi zougänglechen Outdoor-Fitness-Spots ass, datt sech d 'Leit mat minimalem Opwand ee maximalen sportlechen Rendement kënnen erhoffen (virausgesat, et trainéiert een regelméisseg). D 'Bierger decidéieren selwer wéini si trainéieren mat quasi onageschränkter Accessibilitéit vun den Infrastrukturen. Ausserdem kann de Bierger entscheiden ob hien alleng oder am Grupp trainéiert. Dësweideren befannen sech dës Spots, wéi d'Wuert „Outdoor“ et well beschreiw, dobaussen. D'Leit sinn dem Ustiechungsrisiko vun diversen Krankheeten vill manner ausgesat wéi an engem Indoor-Fitness an genéissen gläichzäiteg déi gutt frësch Loft. Dobäi kennt, datt sech dës Spots och ganz gutt als Lieu de rencontre fir d 'Leit kënnen ubidden. Wichtig ze erwänen ass och, datt dës Infrastrukturen bis zu engem Drëttel vum Staat subventionéiert ginn.

Mat dësem Projet hoffen mir natierlech och datt den „HIIT@the street“ säi Comeback feieren kann. Am wichtigsten allerdéngs ass, datt d 'Leit aus der Gemeng eng onkomplizéiert Offer kréien fir sech sportlech ze betätegen.

Fir d'Sport – a Jugendkommissioun,
Paul Kohn
22. Februar 2021

START OCH DU MAT DER SPORT- AN JUGEND-
KOMMISSION NOUNER AN D'FREIJOER:

Athletiktraining an Laaftreff

FIR ALL NIVEAU

Wéini?

Ab dem 16ten Abrëll all freides
um 18.00 Auer während 12 Wochen

Wou?

Treffpunkt zu Schrondweiler bei der
Spillplaz an dann duerch d'Gemeng

Ween?

Jiddereen dee motivéiert ass!
Ënnerstëtzung an Uleedung duerch de

Laftrainer Armand Rech

(www.armand-rech.com)

Umeldung ennert: sport@nommern.lu



Ëmmer ënnert der Berécksiichtung vun den aktuelle Covid-19 Mesuren

Sportskommissioun

Vum « Plan de Relance Sport » vun der Regierung bis hin zum Laafcours mat integréierten Athletikübungen

De Staat huet duerch säin Plan de Relance am Sport d'Gemengen finanziell ënnerstëtzt fir trotz Coronapandemie Mesuren ëmzesetzen mam Zil de Sport an d'Beweeegung de Bierger aus de Gemengen méi nozebréngen. Sou ass d'Iddi entstan fir d'Fitnessgeräter an der Gemeng ze installéieren.

Mir vun der Sportskommissioun profitéieren vun der Geleeënheet fir dem Gemengen- an Schäfferot souwéi dem Gemengepersonal een groussen Merci auszesprechen fir d'Installatioun vun dëse Geräter.

Eis d'Zil ass et fir de Sport, de Bierger aus der Gemeng Noumer méi nozebréngen an dëst onofhängeg vun hierem sportlechtem Niveau. Dofir bidden mir iech een Laafcours, kombinéiert mat Übungen op de neier Fitnessgeräter un. Hei e puer Informatiounen: Ufank vum Cours 16. Abrëll 2021 iwwer eng Dauer vun 12 Wochen. Et gëtt an 2-3 Gruppen treniert, je no Leeschtungsniveau. De Cours gëtt gehalen vun qualifizéierten Traineren. Fir wieder Informatiounen (www.armand-rech.com)

De Sënn vum Cours soll net nëmmen dran bestoen fir sech méi ze beweegen, méi fit ze ginn, sech méi wuel ze fillen, etc. mee och fir Leit aus der Gemeng kennenzelieren, sou dat d'Kontakter och nach no deenen 12 Wochen bestoen bleiwen an sou de Sport an eiser Gemeng wieder praktizéiert gëtt.

Mir géifen iech gär an Hand vun Fotoen déi nei Fitnessgeräter souwéi hiren Standuert presentéieren.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration du cadastre
et de la topographie

map.geoportail.lu

Le géoportail national du Grand-Duché de Luxembourg

Noumer



www.geoportail.lu est un portail d'accès aux informations géolocalisées, données et services qui sont mis à disposition par les administrations publiques luxembourgeoises. Responsabilité: Malgré la grande attention qui elles portent à la justesse des informations diffusées sur ce site, les autorités ne peuvent endosser aucune responsabilité quant à la fidélité, à l'exactitude, à l'actualité, à la fiabilité et à l'intégralité de ces informations. Information dépourvue de foi publique. Droits d'auteur: Administration du cadastre et de la Topographie. <http://geo.lu/copyright>

Echelle approx

0 20




Schrodweiler



LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Administration du cadastre et de la topographie

map.geoportail.lu


Le géoportail national du Grand-Duché de Luxembourg



Date d'impression: 24/02/2021, 10:50

www.geoportail.lu est un portail d'accès aux informations géolocalisées, données et services qui sont mis à disposition par les administrations publiques luxembourgeoises. Responsabilité: Malgré la grande attention qu'elles portent à la justesse des informations diffusées sur ce site, les autorités ne peuvent endosser aucune responsabilité quant à la fidélité, à l'exactitude, à l'actualité, à la fiabilité et à l'intégralité de ces informations. Information dépourvue de foi publique. Droits d'auteur: Administration du Cadastre et de la Topographie. http://g-o.lu/copyright

Echelle approximative 1:1500



http://g-o.lu/3/BgsE





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration du cadastre
et de la topographie

map.geoportail.lu
Le géoportail national du Grand-Duché de Luxembourg

Cruchten



Als Sportskommissioun hoffen mir dat d'Fitnessgeräter oft benotzt ginn an géifen eis freeën, lech den 16. Abrëll ze gesinn.

Mat beschte Gréiss,

Är Jugend- a Sportskommissioun Noumer



Naturpark
Mëllerdall
Geopark



© illustration : Alan Johnston

ASPIRING UNESCO
GLOBAL GEOPARK

Géosite de l'année 2021

Le « Champignon » à Nommern doit son nom à sa forme particulière.

En effet, il a pris cette forme parce que le haut est constitué d'une couche de Grès de Luxembourg qui résiste mieux à l'érosion que sa base. D'autres blocs de Grès de Luxembourg se trouvent autour du géosite du « Champignon ». L'on peut y observer des traces de rainures d'aiguisage d'il y a plus de 5 000 ans. Elles témoignent de l'aiguisage de haches par l'homme au néolithique. La structure en grains du Grès s'y prête d'une façon idéale. Pour ces raisons, nous avons intégré ce site à la liste des géosites du Natur- & Geopark Mëllerdall.

Plus de géosites sur www.geopark-mellerdall.lu

Qu'est-ce qu'un Géoparc mondial UNESCO ?

Les géoparcs mondiaux UNESCO sont des régions avec des sites et des paysages de portée géologique internationale. Leur valeur est rendue tangible grâce à des concepts d'éducation, de protection et de développement durable. Ils travaillent pour les habitants et les communes de la région en sensibilisant le public à cet héritage géologique particulier.

Geosite vum Joer 2021

De „Champignon“ zu Noumer huet säin Numm senger spezieller Form ze verdanken.

Dës huet hien doduerch kritt, datt säin ieweschten Deel vun enger Sandsteenschicht gebilt gëtt, déi der Erosioun besser standhält ewéi seng Basis. Ronderëm de Geosite „Champignon“ si weider Sandsteebléck ze fannen, op deenen ee Schläifspuere vu virun iwwer 5000 Joer ka gesinn, déi weisen, wou d'Mënschen an der Jongsteenzäit hir Aaxte geschlaff hunn. Déi këreg Struktur vum Sandstee war dofir nämlech ideal. Aus dëse Grënn hu mir dës Plaz an d'Lëscht vun de Geositten vum Natur- & Geopark Mëllerdall opgeholl.

Weider Geositten op www.geopark-mellerdall.lu

Wat ass en UNESCO Global Geopark

UNESCO Global Geoparks si Regiounen mat Plazen a Landschaften vun international unerkannter geologescher Bedeitung. Dëse Wäert gëtt beispillsweis duerch Bildung, Schutz an nohalteg Entwécklung erliefbar gemaach. UNESCO Global Geoparks schaffen fir d'Awunner an d'Gemengen aus hirer Regioun, andeems si de Leit dat besonnescht geologescht Ierwe méi no bréngen.



Natur- & Geopark Mëllerdall

Kurioses im Natur- & Geopark

Der Natur- & Geopark Mëllerdall hat mit finanzieller Unterstützung des Ministeriums für Energie und Raumentwicklung eine neue Videoserie auf Facebook und YouTube veröffentlicht. In dieser Serie präsentiert Conny Koob, die Kommunikationsbeauftragte der drei Luxemburger Naturparke, kurz und knackig interessante und wenig bekannte Fakten über die Region. Ziel ist es, einem möglichst breiten Publikum auf eine attraktive Art und Weise Wissen über die spezifischen Merkmale des Gebiets des Natur- & Geopark Mëllerdall zur Verfügung zu stellen und so möglichst viele Menschen dazu anzuregen, das geologische, natürliche und kulturelle Erbe der Region noch bewusster wahrzunehmen.

Alle Videos sind in luxemburgischer Sprache mit englischen Untertitel verfügbar. Dies einerseits, um sie einem breiteren Publikum zugänglich zu machen, andererseits, um auch im internationalen Kontext die besonderen Merkmale der Region auf anschauliche Weise zu präsentieren. Da der Natur- & Geopark Mëllerdall eine Mitgliedschaft im internationalen Netzwerk der UNESCO Global Geoparks anstrebt, war es den Verantwortlichen besonders wichtig alle Informationen auch in englischer Sprache anzubieten.

UNESCO Global Geoparks sind Regionen mit Stätten und Landschaften von international anerkannter geologischer Bedeutung, deren Wert durch ein Gesamtkonzept erlebbar wird, das die Bereiche Bildung, Schutz und nachhaltige Entwicklung umfasst. Diese arbeiten für die Einwohner und Gemeinden ihrer Region, bringen den Menschen vor Ort den Wert ihres geologischen Erbes näher und schaffen so eine Identifikation mit der Region. UNESCO Global Geoparks fördern Geotourismus und Regionalentwicklung und greifen die Herausforderungen der heutigen Gesellschaft wie Themen des globalen Wandels (Klimawandel, Naturgefahren) auf.

Tatsächlich hat der Natur- & Geopark Mëllerdall bereits sehr positives Feedback auf die Serie erhalten. So unter anderem vom UNESCO Global Geopark Hateg aus Rumänien oder auch vom ebenfalls kandidierenden UNESCO Global Geopark Canions do Sul aus Brasilien.

Insgesamt wurden bisher 5 Episoden veröffentlicht. Diese befassen sich mit den folgenden Themen: Moose und Farne, Gesteinsorten, Spuren auf dem Sandstein, Trinkwasser und der Ringmauer der Burg in Larochette. Ideen für weitere Episoden sind bereits vorhanden.



Link op de Video





Natur- & Geopark Mëllerdall - www.naturpark-mellerdall.lu

11 Gemeinden und der Staat haben sich unter dem Namen Natur- & Geopark Mëllerdall zusammengeschlossen, um die Region nachhaltig zu entwickeln. Hinter dem Titel steckt noch mehr, als Projekte in den Bereichen Natur und Geologie. Auf unterschiedlichste Art und Weise werden hier vielfältige Projekte umgesetzt und Beratungsdienste angeboten.

Dies in folgenden Bereichen: Klimaschutz & erneuerbare Energien, Trinkwasserschutz, Wissensvermittlung, Schutz und Erhalt des kulturellen Erbes, Beratungsdienst für regionale Produzenten, Beratungsdienst für kleine und mittelständige Unternehmen, Geologie, Schutz von Natur und Landschaft.

Dabei richtet sich der Natur- & Geopark Mëllerdall (kurz: NGPM) insbesondere an die Einwohner der Region. Folgende 11 Gemeinden sind Teil des NGPM: Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Rosport-Mompach und Waldbillig.



Text a Foten : Natur- & Geopark Mëllerdall





Permakultur um Luusshaff

Einführung in die Permakultur

Mit Harald Wedig, Gestalter und Dozent für Permakultur seit 1992

Bei einem lehrreichen Wochenendkursus wo Theorie anschliessend im Gemeinschaftsgarten in die Praxis umgesetzt wurde, hat Harald Wedig uns gelehrt wie wichtig es ist Natur und Mensch im Gleichgewicht zu halten, mit Hilfe der 12 Prinzipien von der Permakultur.



Zur Person:

Harald Wedig

Harald ist Pionier des Strohballenbaus und der Waldgärtnerei in Europa. Er arbeitet als Berater, Gestalter und Dozent für Permakultur in Deutschland, Belgien, Luxemburg und den Niederlanden.

Wohnort: 55543 Bad Kreuznach

Harald Wedig ist Permakultur Designer seit 1992 und hat viele Jahre im Permakultur Institut e.V. mitgearbeitet, zuletzt als 1. Vorsitzender. Zusammen mit seiner ehemaligen Frau Margit entwickelte er die Sualmana Permakultur Gärten, Versuchsgärten auf 9000 m² Fläche in Swalmen, NL. Dort entsteht seit 1995 ein Waldgarten und an diesem Ort wurde das erste Strohballengebäude in den Niederlanden gebaut.

Die 12 Grundprinzipien der Permakultur:

1. Beobachte und handele
2. Sammle und speichere Energie
3. Erwirtschafte einen Ertrag
4. Wende Selbstregulierung an und lerne aus den Ergebnissen
5. Nutze erneuerbare Ressourcen und Leistungen
6. Produziere keinen Abfall
7. Gestalte erst Muster, dann Details
8. Integriere, statt abzugrenzen
9. Setze auf kleine, langsame Lösungen
10. Nutze und schätze die Vielfalt



Layout: R. Schroeder

DAG VUM BAM UM LUUSHAFF

21. NOVEMBER 2020

Am Kader vum „Dag vum Bam“ goufen am vergaangene Joer um Luusshaff zu Schrondweiler eng ganz Rei vun Hecken a Straicher esou wéi och nach e puer Uebstbeem geplanzt.

Wéinst den aktuellen Corona-Moossnahmen huet dat Ganzt missen an engem klenge Kader stattfannen, d.h. et wore just d'Membere vum Gemeinschaftsgaart déi séch fir dës Aktioun afonnt haten.

Nichtsdestotrotz gouf vill a gutt Aarbecht gelescht a Grouss a Kleng huet fläisseg matgeschafft.



Museksfrënn Gemeng Noumer

Mat Musek duerch den Advent

Duerch de Coronavirus bedéngt hat d'Kulturkommissioun de Chrëschtconcert 2020 jo missen ofsoen. Dofir ware mir als Museksfrënn Gemeng Noumer ëmsou méi frou wéi eis Kulturkommissioun gefrot huet fir hir Adventsfënster-Aktioun musikalesch ze encadréieren. Mir sinn dunn zum Entschloss komm fir am Ufank an um Enn a jeeeweils freides a samschdes d'Opmaache vun de Fënsteren ze begleeden. Eisen Dirigent ass du chargéiert gi fir deementspriedend Stécker eraus ze sichen an se fir 4 Instrumenter ze adaptéieren. Als Musek hu mir dann en Opruff bei eiser Jugend gemaach wien dann zu deene bestëmmten Deeg kéint matmaachen. Um Dag selwer ass kuerz virum Optrett eng kleng Prouf ofgehalen gi fir sech anzespillen an ofzestëmmen. Dat selwecht hu mir dann och bei de Grousse gemaach. Mir wëllen och heimat nach eng Kéier Merci soe fir d'Participatioun un dësem Event.

Beim Schreiwe vun dësen Zeile Mëtt Februar 2021 si mir als Musek nach ëmmer an der selwechter Situatioun wéi Enn Oktober 2020, wou déi éischt grouss Restriktiounen fir d'Land an der zweeter Well geholl gi sinn, an d'Moossname sinn aktuell bis de 14. Mäerz 2021 verlängert ginn. Als Kulturveräin wësse mir och nach ëmmer net wéini mir erëm kënne prouwen an eis e Programm kënne zesumme stelle fir d'Fréijoer an de Summer 2021. Esou schwéier Zäite sinn net einfach als Veräin duerchzestoen.



Equipe vum 1. Dezember virun der Schoul zu Noumer

An der Hoffnung, dass et erëm eng Kéier besser gëtt wënsche mir iech alles Guddes a bleift gesond.

Equipe vun eiser Jugend de 5. Dezember zu Kruuchten



Cruchten 2.0

Buergbrennen 2021

Bedéngt duerch di Sanitär Krise, ass dëst Joer d'Buergbrennen zu Kruuchten ob eng aner Manéier geféiert gin.



Kuerzerhand gouf eng kleng Buerg ob engem Unhänger opgeriicht, mat dem mir dunn duerch Stroossen vum Duerf gefuer sinn. Nodeems et dëst Joer och fir d'Veräiner schwéier ass fir Manifestationen ze plangen an ofzehalen, waren mir frou dass des Aktioun esou positiv bei den Awunner ukomm ass!

Mir soen de Léit aus dem Duerf MERCI fir hier Ënnerstëtzung an hoffen dass mir eis 2022 Gesond a Monter um traditionellen Buergbrennen rëmgessinn.

Bléift Gesond!!!

Fir de Veräin,
Franco Campana





Bummelbus

Domicile

Centre de vaccination

Phase 2 vum nationalen Impfplang leeft un. De Service Bummelbus proposéiert all den Awunner aus de Partnergemengen, déi hiren Rendezvous am Impfzenter Ettelbréck gemaach hunn, den Transport z'assurieren!

La phase 2 du plan national de vaccination débute de ce fait le service Bummelbus propose aux habitants des communes partenaires ayant pris un rendez-vous au centre de vaccination d'Ettelbruck d'assurer le transport!



Réservation du trajet

Téléphone : 26 80 35 80

E-mail : bummelbus@fpe.lu

Via l'App Bummelbus



Forum
pour l'emploi.



Energiepark Mëllerdall



Energiepark Mëllerdall: Die erste Energiekooperative in der Region Mëllerdall

Aufgrund einer Initiative des Natur- & Geopark Mëllerdall gründeten am 5. Februar 2020 zwölf Bürger aus der Region die Energiekooperative „Energiepark Mëllerdall“, dies im Rahmen des europäischen Projektes LIFE-IP ZENAPA.

Der neugegründete „Energiepark Mëllerdall“ will der Region helfen, in ihrem Energiebedarf unabhängiger zu werden, indem der Ausbau von lokaler und umweltfreundlicher Energieproduktion unterstützt wird. So wird ein konkreter Beitrag zum Klimaschutz geleistet und gleichzeitig ein ökologischer, ökonomischer und sozialer Mehrwert geschaffen.

Warum nun eine Kooperative?

Solarstrom auf dem eigenen Hausdach zu produzieren war bis dato ein Privileg für Hauseigentümer, zudem musste die Lage des Hauses für den Aufbau einer Photovoltaikanlage geeignet sein. Dies ändert sich nun mit der Gründung unserer Kooperative. Alle Einwohner der 11 Gemeinden des Natur- & Geopark Mëllerdall, können sich als Mitglied der Kooperative an gemeinsamen Photovoltaikanlagen beteiligen. Sie leisten somit einen Beitrag zum Klimaschutz und haben nicht zuletzt clever investiert und ihre Beteiligung gewinnbringend angelegt.

Clever investieren

Ab 100€ kann jeder Bürger sich an der Energiekooperative beteiligen. Eine Kooperative lebt von ihren demokratischen Entscheidungsprozessen. So wird jährlich von allen Mitgliedern, die jeweils eine Stimme haben, festgelegt, ob eine Rendite zur Auszahlung kommt oder ob der Gewinn investiert wird. Ein von den Mitgliedern bestimmter Verwaltungsrat analysiert neue Projekte, überwacht deren Ausführung und führt die Beschlüsse der jährlichen Generalversammlung aus.

Unsere aktuellen Projekte

Aktuell investiert die Kooperative ausschließlich in Solaranlagen. Weitere mögliche Investitionen könnten in Wind-, Wasserenergie und Biomasse getätigt werden. Zurzeit werden folgende Projekte ausgeführt oder sind in konkreter Planung:

- Zittig (Kläranlage 30 kWp) entspricht dem Stromverbrauch von 7 Einfamilienhäusern - ausgeführt
- Berdorf (Kirche 30 kWp) entspricht dem Stromverbrauch von 7 Einfamilienhäusern – in Ausführung
- Consdorf (Sporthalle 100 kWp) entspricht dem Stromverbrauch von 22 Einfamilienhäusern – bereit zur Ausführung
- Heffingen (Wasserspeicher 30 kWp) entspricht dem Stromverbrauch von 7 Einfamilienhäusern – in Ausführung
- Born (Gemeindeatelier 60 kWp) entspricht dem Stromverbrauch von 14 Einfamilienhäusern – in Planung
- Weitere Projekte z.B. in den Gemeinden Larochette, Echternach, Waldbillig sind in Ausarbeitung.



Zukunftsorientiert und umweltfreundlich.

Die öffentliche Vorstellung des „Energiepark Mëllerdall“ am 30. September in Consdorf war ein überwältigender Erfolg. Knapp 100 Bürger*innen fanden sich im Centre Polyvalent ein, um mehr über die Funktionsweise der Energiekooperative und über die geplanten Projekte zu erfahren.

Ein großes Dankeschön an all die Mitglieder (65), die bereits clever investiert haben!

Leisten auch Sie einen konkreten Beitrag zu einer umweltfreundlichen Energieversorgung im Mëllerdall und werden Sie Mitglied einer zukunftsorientierten Energiekooperative.

Die Verantwortlichen der Energiekooperative sind gerne bereit Sie in einem persönlichen Gespräch zu beraten.

Der Verwaltungsrat setzt sich aus folgenden Mitgliedern zusammen: Präsident: Marc Weides, Bech; Vize-Präsidentin: Renée Lucas, Echternach; weitere Mitglieder: Robert Alfter, Herborn; Florio Dalla Vedova, Larochette und Daniel Schaaf, Boursdorf.

Alle notwendigen Informationen, sowie die Vorstellungsversammlung der Kooperative (2 Videos) können Sie unter www.energiepark-mellerdall.lu einsehen.





E kleng Schrëtt fir mech E grouss Schrëtt fir meng Ëmwelt

9 SCHRËTT FIR MANNER PLASTIK



Ech verzichten op
Einweg-Plastikgeschier.

Meng Gäschtt bäissen net
op Plastik!



Ech kafe fest Seef
amplaz vu flësseger.

Déi mécht genau esou propper
op déi aus dem Behälter.



Fir de Kaffi bréngen ech mäin
eegenen Thermosbecher mat.

Esou bleibt en och méi
laang waarm.



Ech iessen an drénken
op der Plaz.

Beim Dësch huelen ech mir Zäit
a loossen de Stress op der Säit.



Ech transportéiere mäin lessen
an engem Mehrwegbehälter.

Kenns du schonn
d'EcoBox?



Ech kafe Glas-
amplaz
vu Plastikfläschen.

A Krunnewaasser
ass mäi Favorit.



Ech huele mäin eegene
Kuerf beim Akafen.

Eng Plastiktut, wie
brauch dat schonn?



Mäin Uebst a Geméis
kafen ech onverpaakt.

Oder wiiisst et net
vläicht och am Gaart?



Ech kafe méi lokal.

E laangen Transport
heescht och méi
Verpackungsmaterial.

MÉI ZUM THEEMA!
ËMFRO, QUIZ, SPILL ...



www.klengschrett.lu

Mir sinn all Virbiller!

Editeur

Ëmweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu



Partner:





Un petit pas pour moi Un grand pas pour l'environnement

9 PAS VERS MOINS DE PLASTIQUE



Je renonce à la vaisselle jetable en plastique.

Je gâte mes invités avec des couverts réutilisables!



J'achète du savon solide au lieu du savon liquide.

Il n'a pas besoin de récipient pour me rendre propre.



Je ramène mon propre gobelet isotherme pour le coffee-to-go.

De plus, ma boisson reste chaude plus longtemps.



Je mange sur place.

Quand je suis à table, je prends mon temps et je laisse le stress de côté.



Je transporte mes repas dans un récipient réutilisable.

As-tu déjà entendu parler de l'EcoBox?



Je choisis les bouteilles en verre plutôt qu'en plastique.

Et l'eau du robinet est ma favorite incontestée.



Je ramène mon propre panier pour faire mes courses.

Qui donc a besoin d'un sac en plastique?



Les fruits et légumes, je les achète non emballés.

Mais... ne poussent-ils pas aussi dans mon jardin?



Je consomme local.

Plus le transport est long, plus les emballages nécessaires sont nombreux.

PLUS SUR LE SUJET!

SONDAGE, QUIZ, JEU ...



www.klengschrett.lu

Nous sommes tous des modèles!

Editeur

Ëmweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu



Partenaires:



Eltereverenegung

Ee klengt Wuert vum Kleeschen



Dëst Joer war et aussergewöhnlech schwéier fir d'Kanner besichen ze kommen an hinnen eng Freed ze maachen, de 6. Dezember. Op ville Plaatzen hei am Land huet d'Angscht virum Corona-Virus mech doru gehënnert eise Klenngsten Moien soen ze kommen; oder si konnten net bei mech kommen.

Gott sei Dank, huet an der Gemeng Noumer d'Eltereverenegung fir dëst verrécktent Corona-Joer, mat Oofsprooch mat de Pompjeeën (déi mir soss ëmmer fantastesch ënnert d'Ärem gräifen), e Wee fonnt, mir eng Méiglechkeet ze ginn bei d'Kanner ze kommen.

Sou wéi fréier, viru laanger Zäit, hunn ech mech mat mengem Ieselchen a mat 2 Engelcher, souwéi mat mengem donkele Gesell op de laange Wee duerch d'Gemeng gemaach fir de Kënnercher eng Tiitchen ze bréngen.



Déi Freed, dat Gléck an de Gesichter, net nëmmen vun de Kanner, mee och vun den Erwuessenen, huet mech immens frou gemaach.

An der Hoffnung Niklosdag nächst Joer nees ënner besseren Ëmstänn feieren ze kënnen, schécken ech eech all ee waarme Bonjour aus dem Himmel. An denkt drun: De Kleeschen gesäit an héiert alles!

Äre Kleeschen

Crèche Butzenhaff Cruchten

Garderie Butzenhaff

Am Mount Februar 2021 haten mir den Projet Faarwen woubäi d'Sprooch an d'Kreativitéit eis Haaptziler waren. D'Kanner hunn unhand vun verschiddenen Spiller an Aktivitéiten d'Faarwen kennen geléiert.




Fester an Tradiitiounen

Den 02.02.2021 hunn d'Kanner een Lampion gebastelt an mir hunn zesummen an der Garderie Lidder fir Liichtmëssdag gesongen.



Den 11.02.2021 war eis Fuesparty.



Maison Relais Noumer

HALLOWEEN AN DER MAISON RELAIS



An der Maison Relais hunn
mir eng flott Halloween
Party mat den Kanner
gemaach.

Mir hun Biller zesummen
gemoolt, Face Paiting
gemaach, eis verkleet an
natielech puer Kürbissen
geschnätzt.



Den Hiescht war zu Besuch



D'Kanner hunn ganz vill gefuerscht
an alles ganz genau ugekuckt



Am Kader vum Indianer Jos, hun
d'Kanner verschidden Materialien
mat der Lupp ënnersicht



Natierlech war och Zäit fir Kreativitéit
an d'Kanner hunn sech ameséiert
Déieren aus Blieder ze leen.



Zesummen waren d'Kanner och op
Spueren Suche vun verschiddeenen
Déieren



Dobäi hunn mir vill Notzdéieren
awer och heiansdo puer wëll
Déieren gesinn :)



Mir hunn och bëssen Mathematik
gemaach an vill Geschichten gelies

Am Wanter



Lues gëtt et och bei
eis zu Noumer kaal.

Wou virdru Waasser war,
fannen mir elo Eis.



Mir bauen fleißig un
eiser Hütt.



Et hutt geschneit.

Mir bauen en
Schnéimännchen an
doraus gitt en kleng
Schnéi-Famill.



Am Schnéi kennen mir
verschidden Patten
fannen.
Wien war wohl schon op
eiser Wies??
De Gröffelo war do!

Eisen neie Schlofpodest

De 17. an 18. Februar ass eis Schlofkummer am Butzenhaff vun der Maison Relais Noumer nei amenagéiert ginn. Ee Schlofpodest gouf vun der Entreprise "MOMA" gebaut a besteet aus méi Ebenen.



D´Konstruktioun bitt bis zu 9 Kanner eng gemittlech Schlofplaz an ass mat ausräichend Tiräng a Regaler fir Bettwäsch oder Doudouen ausgestatt.

Ausserhalb vun der Schlofzäit kënnen Kanner déi Podestlandschaft als Réckzuchsberäich notzen. De Kanner stinn Höhlen zur Verfügung, déi entdeckt wëlle ginn.

D´Kanner a Personal vun eisem Butzenhaff hu mat Virfreed laang gewaart, elo kann endlech de Podest entdeckt, dra geschlof, geschmuust, gerolzt oder gelies ginn.





Produkte für die SuperDrecksKëscht® fir Bierger
Produits pour la SuperDrecksKëscht® fir Bierger



Haus-zu-Haus Sammlung ab 7 Uhr.
Informieren Sie sich bitte auf unserer Webseite, bei ihrer Gemeinde oder auf dem jährlich von Ihrer Gemeinde verteilten Kalender der Abfallsammlungen.



Collecte porte-à-porte à partir de 7h00.
Pour plus d'informations, veuillez consulter notre site web, contacter votre commune ou consulter le calendrier des collecte de déchets distribué annuellement par votre commune.



Bei Fragen / En cas de Questions:

SuperDrecksKëscht® - SDK®

Zone Industrielle Piret
L-7737 Colmar-Berg
Tel.: 48 82 16 - 1
e-mail: info@sdk.lu

www.sdk.lu



Diese Produkte können Sie in haushaltsüblichen Mengen bei der SuperDrecksKëscht® abgeben :

Altöle und Fette / Batterien / Farben, Lacke und Lösungsmittel / Energiesparlampen und Glühbirnen aller Art / Medikamente und Spritzen (wenn möglich im Spritzensammelbehälter) / Kosmetika / Pestizide / Reinigungsmittel / Spraydosen, Kleinbinde Bitumen, Datenträger und Druckmedien / Elektro-Haushaltskleingeräte / Feuerlöscher / Gasflaschen (Haushalt), sowie Speiseöle und -fette...

Für größere Mengen an Produkten, wie sie z.B. bei Umzügen oder Hausräumungen anfallen, können sie unseren Abholdienst anfordern.

Bitte kein Styropor und kein Sperrmüll

Ces produits en quantité ménage sont à destination de la SuperDrecksKëscht® :

Huiles et graisses / piles sèches / peintures, laques et solvants / lampes de toutes sortes / médicaments et seringues (de préférence dans notre récipient de sécurité pour seringues) / produits cosmétiques / pesticides / produits de nettoyage / bombes aérosols / produits bitumineux / supports de données et d'impression / petits appareils électroménagers / extincteurs, bouteilles de gaz (ménage) ainsi que huiles et graisses alimentaires...

Pour de plus grandes quantités de produits tels qu'en cas de déménagement ou de vide-maison, vous pouvez demander notre service de prise en charge.

S'il vous plaît pas de déchets encombrants ni de polystyrène.



Kleedersammlung

Freides, de 26. Mäerz 2021 ab 8 Auer moies

Sammlung vu Gezei, Schong an Textilien.
Och dëst Joer gi keng Tute méi verdeelt, dofir maacht w.e.g. Är Saachen an einfach
 Tuten oder a Kartongkëschten.
 Stellt Är Saache w.e.g. net schonn owes raus.

Le vendredi 26 mars 2021 à p. de 8 heures du matin

Collecte de vêtements, chaussures et autres textiles.
Il n'y aura plus de distribution de sacs spéciaux cette année non plus, mettez vos affaires
 dans des sacs neutres ou en boîtes en carton s.v.p.
 Veuillez ne pas sortir les sacs la veille.




BICHERBUS

Vun 14:10 bis 15:00
 zu Kruuchten op der Gare

22. Abrëll
 20. Mee
 10. Juni

consignes spéciales Covid-19
 sur www.bicherbus.lu





**Administration communale de
Nommern**

31, rue Principale
L-7465 Nommern
Tél. : 83 73 18 - 200
Fax: 83 73 18 - 299

www.nommern.lu